

D'Aachterchers- an Eclairen-Tax.

Enn 2012 hu Kënschtler aus aller Welt d'Mauere vum Centre Aldringen zu Luxembourg-City mat Graffitiën a Collage verschéinert. Di meeschte Leit waren dovun begeeschtert, et gouf vill doriwwer geschwat, sou dass och de Prënz Guillaume an d'Stéphanie, wéi si aus hire Flitterwochen zrëckkoumen, dovun héieren hunn. Si wollten sech Geleeënheet, souvill Streetart op enger Plaz ze kucken, net entgoe loossen a fir all déi Konschtwierker a Rou kënnen ze bewonneren, hu si dat moies fréi ëm 7 Auer gemaach, well da nach wéineg Leit an der Stad ënnerwee sinn. Am Aldringen hu si en ale Clochard gesinn, deen do a sengem Schlofsak souz eng Eclaire z'iessen. Eis groussherzoglech Famill hat nach ni Viruerteeler géigeniwwer aarme Leit a sou hunn déi zwee, ouni ze fäerten, sech mat senge Bakterien unzestiechen, e puer Wuert mat him gewiesselt. Dobäi huet hien hinnen erzielt, dass hie praktesch all moies bei de Bäcker, just 10 Meter vu senger Plaz ewech, géing goen, fir do eng Aachtchen oder eng Eclaire ze kafen.

Da Prënz an d'Prinzessin hu sech duerno bal 40 Minutten Zäit fir d'Graffiti geholl an och, genau sou wéi déi einfach Leit, e puer Fotoe gemaach. Um Heemwee koum hiert Gespréich op de Clochard a si hu sech geduecht, dass et eng flott Saach wier, wann och si all moies e puer Aachtercher oder Eclaire beim Kaffi hätten. Dat ass einfach gesot, mä a Krisenzäiten ass d'Geld bal sou rar wéi wäiss mä. Si selwer oder de Palais kënnen sech dat ganz kloer net leeschten, de Staat ka wéinst deem grouse Lach am Budget net asprangen an d'Gemeng Lëtzebuerg brauch an dee nächste Joren all Sou selwer, fir d'Ëmbauten um Knuedler an um Aldringen, dem (erëm) Aféiere vum Tram an aner fir all Mënsch vital Projeten. Schlussendlech ass déi ganz Affär virun d'Chamber komm, wou de Finanzminister proposéiert huet, de Präis vun den Aachtercher an den Eclairen ëm 5 respektiv 10 Cent erop ze setzen a mat deem Geld ee Fong ze schafen, aus deem dem Guillaume am Stéphanie seng Mëtsche géife finanzéiert ginn. Dës sougenannten Aachterchers- an Eclairen-Tax ass queesch duerch d'Partei positiv opgeholl ginn (ausser bei deenen, déi ëmmer eppes ze meckeren hunn a bei all Gesetz oder Reglement en Uschlag op de Sozialstaat gesinn) a gouf mat bal absoluter Majoritéit vun eise Volleksvertrieeder gutt geheescht.

Déi nei Steuer huet e ganze Koup ganz ënnerschiddlech Reaktiounen a Konsequenze mat sech bruecht. Eis zukünfteg Kinnekskoppel konnt sech all moies un hire Viennoiserien erfreen. Deenen, déi mat hire Luxuskarossen vu roudem Teppesch zu roudem Teppesch fueren (oder chaufféiert ginn), fir do gratis de Schampes ze sippen an Häppercher mat all méigleche Leckereien ze frupsen, ass et guer net opgefall, dass si beim Bäcker méi bezuele mussen wéi virun. Déi kleng Leit hunn e bësselche manner Aachtercher an Eclaire kaaft a sech dobäi gesot, dass et besser fir hire Cholesterol an hiren Zockerspiegel wier, net sou vill Séisses z'iessen. De Verkaf vun de Mëtschen ass allgemeng zrëckgaangen an d'Bäckeren a Patissieren hunn, fir den Defizit an hirer Keess auszegläichen, keng aner Méiglechkeet gesinn, wéi de Präis vun de Viennoiserien ëm weider 10 Cent pro Stéck erop ze setzen.

An deen ale Clochard? D'Clochard sinn net nëmme Lidderhanessen, mä och Toperten, déi näischt vu Politik, Economie an anere Wëssenschafte verstinn. Duerfir konnt hien och net begräifen, dass sou Taxen a Krisenzäiten néideg sinn a nach vill manner, firwat de Präis vu sengen Aachtercher an Eclairen zweemol klamme muss an dës dann och nach ee gutt Stéck méi kleng ginn a bal kee Pudding méi dran ass. Hien huet guer keng Mëtsche méi kaaft, well hien duecht, dass et villäicht besser wier, e puer Sou op d'Säit ze leeën, fir de Fall, wou mat ëmmer neie Steieren, de Leit d'Geld géing ausgoen an hie selwer iergendwann Gefor géing lafen, ze erhéngeren, well kee méi eppes hätt, fir him a säi Bettelbecher ze leeën...